



D’Fro ass déi: Misste mer net alles ënnerhuelen, dass esou - kommt, mir soen - toxesch Stoffen iwwerhaupt net op de Marché kommen? Well soss misst een d’Leit jo alleguer avertéieren, déi no bei esou enger Firma wunnen, a soen: „Passt op, hei wunnt Dir an engem Gebitt, wou esou Saachen agesat ginn an emol entwäiche kéinten!“

Dofir, meng Fro ass ganz einfach: Kënne mer eis dogéint wieren?

Merci villmools.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Oberweis. Als nächste Riedner hunn ech den Här Roger Negri ageschriwwen. Här Negri, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Roger Negri** (*LSAP*). - Merci, Madamm Presidentin. An och e grouse Merci un de Rapporteur, den Här Henri Kox. Ech fannen dat hei eng ganz wichteg Direktiv, déi mer um europäeschen Niveau hei ëmsetzen, well dat gëtt eis och d’Méiglechkeet, dass mir vis-à-vis vun eisen Noperen, déi ronderëm sinn, déi eis heiandsdo esou gär Anlagen op eis Grenz setzen, och kënnen do e Wiertche matschwätzen.

Villmools Merci. An domadder ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Negri. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Max Hahn.

► **M. Max Hahn** (*DP*). - Jo, dann, d’selwecht wéi virdrun, ginn ech den Accord vun der Demokratescher Partei, a géif dann och dem Rapporteur, dem Henri Kox, nach eng Kéier Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Hahn. Dann hunn ech nach den „Dévid“ Wagner ageschriwwen. Här Wagner, Dir hutt d’Wuert.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - Merci, Madamm Presidentin.

► **Une voix.** - „Dévid“!?

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*). - „Dévid“/David, dat ass egal. Madamm Presidentin, mir wäerten dëse Projet de loi matstëmmen. E klengt Bedenken: De Mouvement écologique hat virgeschloen, datt d’Dossieren och en ligne kéinte sinn, well d’Bierger net onbedéngt sech ëmmer esou deplacéiere kënnen. Mä trotzdeem wäerte mer dëse Projet de loi matdroen.

Ech soen Iech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Gutt! Villmools Merci dem Här Wagner. Dann ass et un der Regierung. Ech ginn nach eng Kéier der Madamm Ëmweltminister Carole Dieschbourg d’Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **Mme Carole Dieschbourg**, *Ministre de l’Environnement.* - Ech wëll dann och vun dëser Plaz aus dem Henri Kox fir säi Rapport Merci soen. An ech wëll kuerz versichen, op déi dräi Froen anzegoen.

Déi éischt Fro: Natierlech ass et esou, dass all Ëmweltdonnéeën, déi d’Firmae mussen liwweren, ënner Aarhus falen, dat heescht och mussen asehbar sinn. Dofir wëlle mer jo suergen, dass d’Bierger, déi am Ëmfeld vun engem Betrib liewen, och wëssen, wat do ass.

An et ass natierlech esou, dass, wa mer en technologesche Sprong maachen, a mir hunn där Firmen och am Land, wou et no an no eben drun ass, dass Investitiounen mussen gemaach gi fir zum Beispill Emissiounen, grad wann et ëm Loftverschmutzung geet, wann et do besser Technologien gëtt, dass déi no an no mussen ugepast ginn. Do hu mer rezent och grouss Ustregnunge gemaach a gesinn och, dass een no an no weiderkënn.

An duerfir si mer och frou, wa mer engersäits garantéiere kënnen iwwer Aarhus, dass engersäits Transparenz herrscht, wat an de Betriber geschitt a wéi eng Auswierkungen déi op d’direkt Ëmfeld vun de Leit hunn, an op där anerer Säit, wann d’Technologie sech weiderentwëckelen, dass no an no Betriber och do hir Responsabilitéit huelen. An do hu mer jo och Modeller, wou haut schonn eng Zesummenaarbecht ass a gemeinsam Meetinge sinn, wou een no an no mat Betriber awer e gutt Stéck weiderkënn, notamment och zum Beispill am Süde vum Land.

Et ass natierlech esou, dass mer och hei an deem Beräich de Pollueur-payeur-Prinzip hunn. Wann een e Schued mécht an en ass nach do, da muss deen deen natierlech och bezuelen. A

wann et eng Cessation d’activité gëtt, da gëtt halt ganz genau gekuckt, dass näischt iwwreg bleift vun där Aktivitéit op deem Terrain, deen déi Firma geholl huet.

Dat ass natierlech, an do hu mer mat der Vergaangenheet ganz vill ze kämpfen... Dofir si mer jo och, an dat steet och am Regierungsprogramm, amgaangen, zum Beispill un engem Buedenschutzgesetz ze schaffen. Et ass awer haut schonn esou, dass mer bei der Cessation d’activité kucken, dass keng Réckstänn an dem Ëmfeld direkt bleiwen.

An dann, natierlech schaffe mer souwuel national wéi international, dat besonnesch am Beräich vun der Kreeslafwirtschaft, drun, dass een no an no déi toxesch Stoffen aus Materialien erauskritt, fir dass mer no an no eng méi nohalteg Wirtschaft och kréien an dass mer d’Problemstoff oder d’toxesch Stoffen no an no aus Produktiounen erauskréien.

Dat ass e groussen Challenge. Dorunner schaffe mer ënner anerem an deem ganze „Waste Package“ am Moment, dee mer amgaange sinn, international, europäesch ze diskutéieren. An dat wäert och sécherlech ee vun de groussen Theme sinn, iwwert déi mer um Enn vum Joer nach eng Kéier ënner Ministere(n) op der UNEA 3 wäerte schwätzen. Do geet et näamlech genau dorëms: eng pollutionsfrei Welt ze designen. Dat huet ganz vill scho mat Produktiounsprozesser a Betriber ze dinn.

Ech mengen, dat waren dräi pertinent Froen, op déi ech elo hoffe geäntwert ze hunn, déi elo net ganz direkt mam Projet ze dinn hunn. Ech freee mech awer iwwert déi grouss Ënnerstützung.

Villmools Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Madamm Minister. D’Diskusiounen sinn elo ofgeschloss a mir fänken direkt mat der Ofstëmmung un.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi 7090 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d’Prokuraen. De Vott ass ofgeschloss.

Mir hu wéi virdrun en exzellent Resultat: 60 Jo-Stëmmen. De Projet de loi 7090 ass also ugeholl. Iech alleguer villmools Merci fir dee Vott.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Marc Angel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

Elo awer, Dir Dammen an Dir Häre Kolleegen Deputéierten, et muss een ëmmer alles léieren: Mir mussen nach d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel ginn. Sidd Der allegueren d’accord?

**(Assentiment)**

**6. 7089 - Projet de loi portant approbation de la Convention de Minamata sur le mercure, adoptée à Genève le 19 janvier 2013 (suite)**

**Dispense du second vote constitutionnel**

Passt op, de Projet de loi 7089, dee virdru vum Mercure, plus dësen, bei deenen zwee ass d’Dispens vum zweete Vott ze accordéieren!

**(Assentiment)**

Très bien! Dat ass dann esou akteiert.

Ech begreissen dann de Bauten- an MDDI-Minister hei, dee komm ass, well mer jo just virdrun e Changement vum Ordre du jour gemaach hunn. Mir kommen elo zum Projet de loi, deen ëm d’Konstruktioun geet vum Lycée

technique des professions de santé a vun enger grousser Sportshal fir d’Logopedie zu Stroossen, lauter gutt Saachen. Dofir huele mer dat elo vir. An ech ginn direkt der Madamm Rapporteur, der Madamm Josée Lorsché, d’Wuert. Madamm Lorsché, et ass un Iech.

**7. 7134 - Projet de loi relatif à la construction d’un Lycée technique pour professions de santé et d’un hall des sports Logopédie à Strassen**

**Rapport de la Commission du Développement durable**

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapporteuse.* - Merci. Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi kritt de Lycée technique des professions de santé e weidert wichtegt Standbeen an eisem Land, fir deem groussen Zoulaß vu Schülerinnen a Studenten am Beräich vun de Gesondheetsberuffer gerecht ze ginn a fir d’Offer ze optimiséieren.

Wéi Dir wahrscheinlech wësst, ass den LTPS, wéi e genannt gëtt, am Joer 1995 iwwer e Gesetz geschafe ginn. Momentan regroupéiert dëse Lycée véier verschidden Ausbildungszentren innerhalb vun enger administrativer Struktur.

Deen éischten ass an der Stad Lëtzebuerg ugesidelt, an der Rue Barblé no beim CHL, wou den LTPS säi Siège huet, deen zweeten um Val Saint André zu Stroossen, deen drëtten zu Bascharage an dee véierten zu Waarken.

Wéi den Numm et seet, assuréiert dëse Lycée d’Ausbildung am Beräich vun de Gesondheetsberuffer an orientéiert d’Schüler an zéng verschidde Filiären: déi vum Aide-soignant, déi vun der Sage-femme, wéi et op Franséisch genannt gëtt, der Hiewan, wou ech nach keen Titel fir d’Häre fonnt hunn, déi vum Infirmier mat all de Spezialisatiounen, déi an deem Beruff méiglech sinn, déi vum Assistent technique médical an der Radiologie oder an der Chirurgie, a schlussendlech och an déi méi theoretesch Filière vun de Gesondheetswëssenschaften.

Am November 2016 louch d’Zuel vun de Schüler a Studenten am LTPS bei insgesamt 1.450, mat steigender Tendenz. Allerdéngs feelt et dësem Lycée am Zentrum vum Land un adequad Infrastruktur, fir eng gutt Ausbildung kënnen ze assuréieren, mam Resultat, datt d’Schüler an d’Studenten an där Regioun a provisoresche Pavillonen ënnerbruecht sinn.

Well d’Formatiounen, déi den LTPS ubitt, ganz attraktiv sinn an ëmmer méi Jonker unzéien, mä och well d’Dauer vun der Formatioun verlängert ginn ass, ass de Besoin un Infrastruktur mat der Zäit gewuess. Aus deem Grond huet d’Regierung am Joer 2013 decidéiert, de Site vu Bouneweg, wou schonn e Lycée virgesi war, falen ze loosse an deen neie Lycée um Val Saint André zu Stroossen ze bauen. Dëse Site ass net nëmme méi grouss wéi deen zu Bouneweg, e bitt och nei Opportunitéiten a puncto Zesummenaarbecht mam CHL, virun allem bei der Organisatioun vu Stagen.

Madamm Presidentin, mam Projet de loi vun haut geet et wéi gesot net ëm de Volet vun der Formatioun, soudass ech do net weider wäert drop agoen an och net op déi Inhalter, déi do dermat verbonne sinn, mä et geet ëm de Finanzement vun den Infrastrukturen, déi um Val Saint André solle gebaut ginn.

Dat sinn der am Ganzen dräi: Déi éischt besteet aus dem Lycée selwer mat enger Capacitéit vun 1.200 Schüler a Studenten, déi zweet aus engem Internat mat 35 Logementer fir groussjäreg Schüler a Studenten, déi hir Ausbildung am Lycée maachen. Derbäi kommen nach 14 Logementer fir jonk Leit, déi ënnert der Responsabilitéit vum SNJ, dem Service nationale de la jeunesse vun der Education nationale, an där Struktur wäerten ënnerbruecht ginn.

Dobäi handelt et sech ëm Leit, déi sech an enger sozial schwächer Situatioun befannen a keng Méttelen hunn, fir e Logement ze finanzéieren. Déi Leit gi während hirer Ausbildung op där Plaz logéiert an encadréiert, woubäi ech mer déi kleng Remarque awer wëllt erlaben, datt dës 14 Logementer just eng Drëps sinn op e waarme Steen, wann ee bedenkt, wéi héich d’Wunnpräisser iwwerhaupt am Land sinn an datt déi meescht jonk Leit sech kee Logement kënnen leeschten, wa se nach an der Ausbildung sinn. Ëmmerhin ass dës Approche awer e ganz gudden Usaz, dee Schoul soll maachen.

Eng drëtt Infrastruktur, déi mat dësem Gesetz finanziert gëtt, besteet aus enger Sportshal mat Piscine fir de Centre de logopédie, deen iwwer 235 Schülerinnen a Schüler huet. Dës Schoul läit direkt niewent dësem Site a verfüügt momentan net iwwer adequat Sportsinfrastruktur fir Kanner mat spezifesch Bedürfnisse. An dofir ass et och gutt, dass esou eng Infrastruktur op dësem Site dann entsteet.

Fir d’Detailer vum gesamte Bausprojet - dat sinn der eng Hällewull - an och fir den Aménagement vum Bausseberäich verweisen ech léiwer direkt op mäi schrëftleche Rapport an op den Document parlementaire 7134, an deem de ganze Konstruktionsprogramm mat alle Pläng an allen Detailer festgehalten ass.

Bleift nach ze bemerken, datt d’Administration des bâtiments publics grad wéi bei anere Konstruktiounen och bei dësem Projet ganz vill Wäert op ekologesch an nohalteg Baumaterialien leet an och op en nohaltegt Energiekonzept mat allem, wat dozou gehéiert, vu Fotovoltaik bis Notzung vu Reewaasser an enger gudder Isolatioun, der Notzung vun natierlechtem Licht an esou weider. Och dozou fannt Der sämtlech Detailer an de schrëftlechen Dokumenter vun dësem Projet de loi.

Well et sech, wéi gesot, ëm e Finanzéierungsgesetz handelt, wëll ech ofschléissend nach drop hiweisen, datt d’Kreditter fir d’Realisatioun vun dësem Projet iwwert de Fonds d’investissements publics scolaires lafen, sou wéi bei all de Schoulprojeten.

De gebrauchte Montant läit bei engem Total vun 109,4 Milliounen Euro a begräift net nëmme de Bau, mä och d’Virbereedungsarבעchten an d’Ausstattung vun de Gebaier mat alle Miwwelen an der Informatik. D’Käschte fir de lafenden Ënnerhalt a fir d’Energieconsommation am Joer leie bei eppes iwwer néng Milliounen Euro a gehéieren net zu dësem Projet de loi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, deposéiert gouf dëse Projet de loi den 11. Mee 2017 vum Nohaltegekeetsminister François Bausch. De Statsrot hat guer näischt un deenen dräi Artikelen auszesetzen, net emol e Komma, an huet just gemengt, dass dee Lycée hei esou séier wéi méiglech sollt gebaut ginn. Bis et esou wäit ass, wäert awer nach eng Zäitche vergoen, well de Site nach net disponibel ass. Mä mir hoffen, dass och dat gläich wäert de Fall sinn.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a wënschen dem Lycée eng glécklech Zukunft, well d’Gesondheetsberuffer e wichtege a ganz néidege Pilier vun eisem Gesondheets- a Sozialsystem duerstellen, deen op eng gutt Ausbildung vun de Studenten ugewisen ass.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci der Madamm Rapporteur Josée Lorsché. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Aly Kaes.

**Discussion générale**

► **M. Aly Kaes** (*CSV*). - Jo, Merci, Madamm Presidentin. Ech erlabe mer, e grouse Merci ze soen un d’Rapporteuse, d’Madamm Lorsché. Si huet dat exemplaresch gutt gemaach an do eriwweert sech all Kommentar. An ech géif domadder och den Accord vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Kaes. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel** (*LSAP*). - Jo, Merci, Madamm Presidentin. Och vun eiser Säit wëlte mer den Accord ginn. Merci fir de gudden mëndlechen a schrëftleche Rapport un d’Madamm Lorsché. An all Verbesserung an Erneuerung vun Infrastruktur wäerte mir natierlech zoustëmmen.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci dem Här Engel. Dann hunn ech den Här Gusty Graas ageschriwwen.

► **M. Gusty Graas** (*DP*). - Jo, Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, wann et ee Berufsstand gëtt, wou nach ganz vill Entwëcklungspotenzial dran ass, dann ass et ouni Zweifel dee vun de Gesondheetsberuffer. Et ass mer och eppes opgefall am Exposé des motifs, wat ech als ganz positiv wëll duerstellen, an zwar wou et ëm d’Aide-soignanté geet, wou drasteet, datt d’Jugend ganz vill Interesse un deem Beruff hätt. An et huet ee jo och d’Gefill, wéi wa se iwwerhaupt vill Interesse un deene Beruffer am Allgemengen hätten. Dat kann een nëmme begreissen.

Ech wëll och drop hiweisen, datt hei awer eng Rei positiv Aspekter ervirzeeträiche sinn. No-deems jo dat Gesetz vun 2007 keng Suite krut, hu mer elo en neie Site gesicht, an zwar no beim CHL. Dat wäert schonn d’Praxis och hëllefen ze verbessern. Dann ass en aneren Aspekt, deen ee muss hei ënnersträichen, dat ass deen ekologeschen. Et gi ganz grouss Efforte gemaach, fir déi Gebailechkeeten esou wäit wéi méiglech och ekologesch ze amenagéieren.

Ech wëll och op den Aspekt hiweise vun dem Transport: Dass esou mann wéi méiglech Park-





plaze fir Schüler sollen amenagéiert ginn, ass net méi wéi richteg. D'Mobilitéé douce muss ouni Zweifel fir zousätzlech geféiert ginn. Wann d'Architektur een och vläicht net onbedéngt direkt elo vum Stull rappt, sou muss een awer soen, datt eng Rei Elementer mat integréiert ginn, déi dat Ganzt awer méi flott gestalten, sief dat Holz, siefen dat déi rout Briquen, soudatt een am Endeffekt kann awer zefridde si mat dësem Projet.

Soudatt ech dann, wéi gesot, och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei bréngen an ech soen der Madamm Rapportrice dann och nach Merci fir hir verschidde Rapporten. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci och dem Här Graas. Ech hu soss kee Mënsch méi ageschriwwen. Ass dat richteg?

(Assentiment)

Gutt. Da géif ech direkt dem Här Bauteminister François Bausch d'Wuert ginn.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. François Bausch**, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures*.- Jo, Madamm Presidentin, ech kann et dann och kuerz maachen: Ech wëll haaptsächlech der Chamber Merci soe fir déi breet Zoustëmmung.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Minister. Da sinn d'Diskussionen ofgeschloss a mir kënnen direkt schonn erëm zu der Ofstëmmung kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7134 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Prokuraen. Sou, de Vott ass ofgeschloss.

Resultat, wonnerbar, 60 derfir, Unanimitéit. De Projet de loi 7134 ass ugehall. Villmools Merci!

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Claude Wiseler), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Däll'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo (par Mme Cécile Hemmen), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adams, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech wollt lech froen, ob Der eis d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gitt.

(Assentiment)

Merci, Dir Dammen an Dir Hären.

Gutt, da komme mer elo erëm zu eisem Ordre du jour, wéi Der e kennt. Mir kommen elo zum Projet de loi 7064. Deen huet en duebelen Titel. Et geet ëm d'Jugend, mä et geet och ëm d'Traitements vun den Donnée-personnellen, wat d'Schüler ugeet. An ech géif direkt dem Här Gilles Baum als Rapporteur d'Wuert ginn. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

## 8. 7064 - Projet de loi portant modification

**1. de la loi modifiée du 4 juillet 2008 sur la jeunesse;**

**2. de la loi du 18 mars 2013 relative aux traitements des données à caractère personnel concernant les élèves**

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse**

► **M. Gilles Baum** (DP), *rapporteur*.- Merci, Madamm Presidentin. Kolleeginnen a Kolleegen, Chancëgläichheet, dat ass e groust Wuert, wat eise Klengsten awer net einfach esou an de Schouss gefall kënn. Leider! Et ass un der Politik, et ass un eis, fir ze kucken an derfir ze surgen, dass all Kand onofhängeg vu sengem Elterenhaus, senger Hierkonft oder

senger Nationalitéit an eisem Schoulsystem déiselwecht Chancë kritt, fir säi Wee ze fannen a säin eegene Wee ze goen.

Ech sinn iwwerzeegt, dass dëse Projet de loi d'Startchancë vun eise Kanner an eiser Schoul verbessert, andeems mer hinnen en natierlechen Zougang zu der Sproochevillfalt an eiser Schoul an an eiser Gesellschaft ubidden.

Et ass jo och net déi éischte Kéier, dass am Kontext vun de Sproochen hei an der Chamber doriwwer geschwat gëtt. An am Kader vun der Sproochendebatt hate mer jo hei schonn engagéiert a kontrovers diskutéiert, an ech géif da mengen, dass dat de Mëtten och wäert de Fall sinn.

Madamm Presidentin, wourëms geet et konkret an dësem Projet de loi? De 7064, deen ännert d'Jugendgesetz vum 2008 of an och d'Gesetz iwwert déi perséinlech Donnéeë vun de Schüler. An et ass näischt aneres wéi d'Aféierung vun der méisproocheger Fréifërderung fir d'Kanner vun engem bis véier Joer an de Crèche an an de Betreuungsstrukturen.

Et geet drëm, fir vum jonken Alter ze profitéieren, fir d'Kanner op eng kandgerecht Aart a Weis un d'Sproochen erunzeféieren an esou der méisproocheger Realitéit an eise Schoulen an an eiser Gesellschaft gerecht ze ginn. Dës Offer wäert d'Integratioun vun alle Kanner verbessern an domat déi sozial Kohäsioun stäerken an zugläich schonn deene jéngste Kanner déi bescht Startchancen, déi bescht Erfollegsaussichten erméiglechen, an dëst onofhängeg vun hirer sozioekonomescher Situatioun an onofhängeg vun hirer Familijsituatioun.

Dës Qualitéitsoffer fir d'Kanner vun engem bis véier Joer bréngt och 20 Gratisstonnen an der Kannerbetreuung pro Woch mat sech, an dat während 46 Wochen am Joer. Dëst géllt fir d'Services d'éducation et d'accueil vum Stat a vun de Gemenge souwéi fir déi privat Träger, déi als Prestataire vum Dispositif Chèque-service accueil unerkannt sinn.

Och gëtt mat dësem Gesetz d'Tarifikatioun, also de Montant, mat deem de Stat d'Familljen ënnerstëtzt, iwwerschaft. De Chèque-service accueil fir Famillje mat Kanner vun null bis zwielef Joer gëtt ugepasst, fir eng qualitativ héichwäerteg Betreuung ze garantéieren. Dir erënnert lech vläicht un de Projet de loi 6410, deen d'Qualitéitskritären an de Rameplang festgeluecht huet.

E puer aktuell Zuelen: Am Mee 2017, dat heescht viru ronn sechs Wochen, wéi den Dekont gemaach ginn ass, do hu vum Chèque-service accueil 47.813 Kanner profitéiert. An Enn 2016 gouf et 1.492 Agrementen am Beräich vun der Kannerbetreuung. Dat ware 699 Dagesmammen, 409 am konventionéierte Secteur an 384 am kommerzielle Secteur. A vun deene 1.492 waren 98% dem Dispositif Chèque-service accueil do bäigetragt, dat heescht, déi Kanner, déi do an der Obhut waren, konnten vum Chèque-service accueil dee Moment profitéieren.

Well mer d'Akommes an d'Familljesituatioun vum Beneficiaire vum Chèque-service accueil besser a Betruucht zéien, schaffe mir zudeem méi geziilt. D'Familljen, déi et am meeschte brauchen, ginn och am meeschten ënnerstëtzt.

Kolleeginnen a Kolleegen, et geet also an dësem Projet de loi ëm Chancëgerechtkeet. Dat méisproochegt a multikulturellt Ëmfeld an eise Schoulen ass sonner Zweifel en Deel vun eisem Räichtum vun eisem Land. Déi Kleng si virwëtzeg géigeniwwer neie Saachen, also och vun de Sproochen. Wa se méi grouss sinn, kann et awer sinn, dass se mat Problemer konfrontéiert ginn. Et géllt also, am jonken Alter unzesetzen, fir dass d'Kanner fräi an entspaant un déi verschidde Sproocher kënnen erugefouert ginn.

An der lëtzebuergescher Sprooch kënn an dësem Prozess eng ganz zentral Roll zou. Lëtzebuergesch ass a bleift d'Integratiounssprooch, déi éischt Sprooch an eisem multilingualen Ëmfeld. Well d'Lëtzebuergesch no bei der däitscher Sprooch läit, steet d'Alphabetisatioun op Däitsch och ausser Fro.

Der lëtzebuergescher Sprooch eng zentral Roll zoukomme loossen, dat war och d'Zil vun der Éducation précoce, déi 1999 agefouert ginn ass. Mä zënterhier huet sech dat sproochlecht Ëmfeld hei am Land awer staark verännert. Iwwer 65% vun de Kanner, déi an de Precoce kommen, schwätzen doheem kee Lëtzebuergesch méi. Doduerch hunn natierlech och vill Kanner net genuch Lëtzebuergeschkenntnisser, wa se an d'Éischt Schouljoer kommen, wou se dann op Däitsch alphabetiséiert ginn. A well schonn am zweete Schouljoer Franséisch derbäikënn, kann et sinn, dass bei Kanner Schwierigkeiten an der schoulescher Entwécklung optauchen.

Aus deem Grond ginn déi lëtzebuergesch Kanner also fréi an an enger entspaanter At-

mospär un déi franséisch Sprooch erugefouert. Mä och Kanner, déi a Crèche ginn, wou net Lëtzebuergesch geschwat gëtt, ginn un déi Lëtzebuergescher Sprooch erugefouert. Deemno ass et och eng ganz kloer Stärkung vun der Lëtzebuergescher Sprooch.

D'Schoul muss eng Schoul sinn, wou sozial Ongläichheeten am jéngsten Alter opgehuewe ginn amplaz se ze verstärken. A fir déi bescht Startchancen ze garantéieren, onofhängeg vum soziokulturelle Background, stëmme mir de Mëtteg déi sproochlech Fréifërderung, déi op spilleresch a flott Aart a Weis der Situatioun an eise Schoule gerecht gëtt.

Madamm Presidentin, de Programm vun der Fréifërderung baséiert op véier Pilieren. Et ass éischstens emol d'Entwécklung vun de sproochleche Kompetenzen, et ass awer och d'Zesummenaarbecht mat den Elteren, eng deelweis gratis Betreierung an d'Zesummenaarbecht mat de schoulesche Servicer.

Wat den Zougang zur lëtzebuergescher a franséischer Sprooch ugeet, stelle mer fest, dass d'Kanner, wa se kleng sinn, stänneg op Entdeckungsrees sinn, an dat bitt sech natierlech och beim deeglechen Ëmgang mat de Sproochen un, eng spilleresch Approche besonnesch fir déi Kanner vun engem bis véier Joer. Si entwéckelen mat Liichtegkeet den Zougang zur Sprooch a si fräi am Ëmgang mat de Sproochen. Déi Kanner, déi doheem kee Lëtzebuergesch léieren, hunn esou méi Zäit a gi méi geziilt geféiert, fir an eiser Sprooch fit ze ginn an och fit ze sinn, wa se an d'Lëtzebuergescher Schoul kommen. Awer och der Mammesprooch kënn an dësem Gesetz eng ganz wichteg Roll zou.

De spillereschen Ëmgang mam Franséischen erlaabt e fräit, relaxt Eruntaaschten un dës Sprooch, éier linguistesche Hindernisser sech opbauen. Et ass also op kee Fall e rigiden Unterrecht am klasseche Sënn, mä vill méi e spillereschen Zougang iwwer Lidder, Reimer, Fangerspiller, kleng Geschichten, Theater.

An ech weess, dass haut schonn a ganz ville Strukturen a Klasse genau dat dote gemaach gëtt. A mir wëllen déi Approche verstärken a verdéiwen.

Wat d'Partnerschaft mat den Elteren ugeet, esou wäert et sinn, dass d'Crèche an Zukunft hir Dieren nach méi grouss opmaachen. Den Eltere gëtt eng zentral Roll zougedeelt, solle si sech dach méi aktiv an d'Liewe vun de Betreuungsstrukturen amëschen, sech asetzen, sech abréngen, besonnesch wat dat pädagogesch Konzept ugeet.

D'Schafe vun engem Eltererot an engem Representant vun den Eltere beweist dës nei participativ Approche. Duerch eng besser Zesummenaarbecht tëschent den Elteren an de Leit, déi an de Strukture schaffen, wäert souwuel d'Qualitéit wéi och d'Léierklima eropgoen.

Wat d'Personal ugeet, esou wäert et sinn, dass an all Struktur op d'mannst eng Persoun den Niveau C1 am Lëtzebuergesche muss hunn, sproochlech, an och den Niveau C1 am Franséischen. An dat fir Persounen, déi 40 Stonnen an der Woch an der Crèche schaffen.

Innerhalb vum Personal gëtt e Référent pädagogique du programme linguistique designéiert. Dee koordinéiert alleguer déi Aufgaben, déi mat der Méisproochegkeet ze dinn hunn. En iwwerwaacht déi an e kuckt och, dass déi Aufgaben ëmgesat ginn.

All Struktur wäert och Initiativen ergräifen, fir mat de Schoulen an de Gemengen, awer och mat den nationalen Organismen zesummenzeschaffen. Si wäerte musse Formatiounen an Informatiounen fir Elteren ubidden, awer och Diagnos an Ennerstëtzung fir déi kleng Kanner, wann déi gebraucht ginn. D'Zil ass et natierlech, den Iwwergang an de Cycle 1 ze vereinfachen.

Wat déi gratis Stonnen ugeet, esou ass et esou, dass duerch d'Aféierung vun der multilingualer Sproochefërderung de Betreuungsstrukturen eng effentlech Missioun zudeelgëtt, nämlech d'Kanner besser op eise Schoulsystem virzubereeden. A fir dass esou vill Kanner wéi méiglech kënn vun dëser Offer profitéieren, wäert all Kand tëschent eent a véier Joer 20 Stonne gratis d'Woch betreit kënn ginn. Dat natierlech an der Limitt vun de Plazen, déi disponibel sinn.

Kanner, déi net vollzäit an enger Crèche betreit ginn, well se zum Deel an de Precoce ginn oder well en Elterendeel nëmmen hallef schafft, kënnen awer och am Kader vun der méisproocheger Fërderung zéng Stonne gratis kréien.

D'Iwwerschaft vum Dispositif Chèque-service accueil. Nieft dem neie Sproocheprogramm wäert och d'Tarifikatioun vum Chèque-service iwwerschaft ginn, net nëmme fir déi Familljen ze ënnerstëtzen, déi et brauchen, mä och fir et un d'Realitéit vum de Familljen unzupassen. Dëst ass och Deel vum Regierungsprogramm,

dee sech virgeholl huet, eng qualitativ héichwäerteg Offer am Beräich Kannerbetreuung unzébiden. Et geet ëm d'Chancëgläichheet vun den Elteren a vun de Kanner. Et geet ëm gläich Startchancen an d'Liewen, onofhängeg vun der sozialer Hierkonft.

Esou wäerten zum Beispill Stéit, déi manner wéi zweemol de Mindestloun verdéngen, zéng Stonne gratis méi kréien, wéi dat elo de Fall ass. Dat heescht, déi gratis Stonne gi vun dräi op 13 erop. Stéit, déi tëschent zwee- an dräimol de Mindestloun hunn, kréie fënnef Stonne gratis derbäi; pro Woch a pro Kand, versteet sech. An dat fir all Kand, soulaang d'Kand am Fundamental, dat heescht an der Primärschoul, ass.

De Projet de loi gesäit och nei Modalitéite vir, fir de Chèque-service accueil ze rechnen. Et gëtt vu Fall zu Fall gekuckt, wivill Kanner am Stot sinn, bei den Elteren oder beim Représentant légal. Awer och d'Garde alternée gëtt berücksichtegt. Also, mir droen hei enger weiderer Realitéit an eiser Gesellschaft Rechnung.

Madamm Presidentin, dëse Projet de loi ass awer och d'Resultat vun enger breeder Concertatioun mat villen Akteuren aus dem Secteur vun der Kannerbetreuung. Et gouf ënner anere e regen Austausch mat der APEG, der Association professionnelle des éducateurs gradués, mat der EFJ, der Entente des foyers de jour, mat der FELSEA, der Fédération luxembourgeoise des services d'éducation et d'accueil pour enfants, dem LCGB, dem OGB-L an dem Syprolux. Den Input vun alle Partner, grad awer och wéi d'Erferung vun de verschiddene Pilotprojete konnten an dësem Projet de loi mat a Betruucht gezu ginn.

Madamm Presidentin, d'Schoul huet d'Missioun, fir sozial Ongläichheeten am jéngsten Alter opzehiewen an net ze verstärken. Eng Fréifërderung, déi de Kanner op eng flott an ureegend Aart a Weis den Zougang zu der méisproocheger Schoul erlaabt, dréit zu méi Chancëgläichheet bāi. Ech sinn iwwerzeegt, an dat aus menger berufflecher Erfahrung, awer och duerch dat, wat ech all Dag mat menger Duechter, déi dräi Joer huet, erliewen, an och wa mer d'Resultat vläicht net muer an iwwermuer gesinn, da sinn ech awer fest der Iwwerzeugung, dass den Ëmgang mat de Sproochen an dem Stellwäert vun de Sproochen an eise Schoule sech duerch dëst Gesetz däitlech wäert verbessern.

Zum Schluss wëll ech nach e puer Mercie lass ginn: de Kommissiounsmembere fir hiert flott Matschaffen, besonnesch awer och eiser ganz fläiseger Sekretärin, der Madamm Joëlle Merges, déi an de leschten Deeg ganz, ganz, ganz vill Aarbecht hat. Och e Merci un den Här Minister, deen an all Sëtzung vun der Chamberskommissioun derbäi war, an och senge Beamte vum Ministère, der Madamm Claude Sevenig, dem Här Patrick Thoma, an och dem Här Manuel Achten.

Wéi gewinnt, fannt Der den Detail vun allen Adaptatiounen, grad ewéi d'Avis vum Statsrot an de Berufskummeren a mengem schrëftleche Rapport.

Da soen ech lech alleguer Merci. Ech soen lech Merci, falls Der nogelauschert hutt. An ech sinn iwwerzeegt, dass mer bei dësem Projet wäerte genauso eng breet Zoustëmmung fanne wéi bei deenen dräi Projekte virdrun.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum. Als éischt ageschriwwen Riednerin hunn ech d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch. Madamm Hetto, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et ass net fir d'Éischt, dass mer zu dësem Thema hei schwätzen. An et wäert lech duerfir och net weider verwonneren, wann ech lech soen, dass mir als CSV mat dësem Gesetz absolutt net averstane sinn. An duerfir gëtt et eng ganz Partie vu Grënn.

De Minister huet eis wuel eng Lëscht vun Etüde geschéckt, jo, relativ jonken Etüden, déi behaapten, dass d'Zwee- an och deelweis d'Méisproochegkeet de kleng Kanner zeguttkënn an dass se bis zu dräi Sproocher kënn wéi e Schwamm opsuickelen. Mä, fir dass dat ka funktionéieren, müssen d'Konditiounen, wéi a wou dat stattfanne soll, och klappen.

De Jim Cummins, Professer op der Uni vun Toronto, dee sech ënner anere mat der Sproochentwécklung beschäftegt, dee seet do-